

**Discours Guy Dockendorf
Streikgedenkdag zu Woltz
31. August 2021**

Léif Zäitzeien a Victimen vum 2. Weltkrich,
Dir Dammen an Dir Hären,
Léiw Frënn,

(1) Et kënn sinn, datt d'Joer 2021 an d'Geschichtsbicher ageet, als eng Aart *tipping point*, also engem Moment wou villes zesumme komm ass, wat eis Welt, och hei zu Lëtzebuerg dramatesch verännert huet:

- Och wann *d'situation sanitaire* bei wäitem net méi sou dramatesch ass, hellt de Coronavirus eis zanter 20 Méint de Spigel hinn, an deem mer eis eegen *Hëlleflosegkeet* gesinn.
- Zu där Kris huet sech besonnesch dëst Joer d'Gewëssheet agestallt, datt mer eng Klimakris hunn, déi och eist Land betrëfft: e.a. weisen d' Iwwerschwemmungen vu Mëtt Juli kloer drop hinn.
- Dat wat momentan am Afghanistan geschitt ass eng weider Katastroph, déi Dausende Leit hiert Liewe kascht huet, déi Milliounen Mënschen zur Flucht driewen well se di elementarst Mënschrechter wéi *Sécherheet*, en *Doheem*, *Dignitéit* net méi hunn.

(2) Dee Regime vun Terror, deem d'Nazien virun 80 Joer och iwwer Lëtzebuerg bruecht haten, dee gëtt et leider och nach haut. Natiirlech hunn d'Protagonisten gëännert; natiirlech hunn d'Affer gëännert ... Vlächcht kann een engem, deem den 2. Krich net erliewt huet op Belarus, op Wäissrussland hi weisen wou Wahle gefälscht gouwwen, wou Dausende vu friddleche Leit, déi sech fir d'Fräiheet an d'Demokratie agesat hunn, festgeholl, gefoltert an embruecht ginn.

Mer sinn haut hei zu Wolz bei der *Streikgedenkefeier* a mer mierken, datt dat wat eis Elteren a Grousselteren an de Krichsjoeren hu misse matmaachen sech ëmmer an ëmmer nees widerhëllt.

D'Fro déi eis Leit sech deemools gestallt hunn an déi Fro, déi d'Leit aus deene virdu genannte Krisen - a Krichsgebieten sech haut *mutatis mutandis* stellen ass di selwecht: wéi kann ee klengt Vollek sech géint e Gewaltherrscher wieren? Ass et méiglech, ass et net esouguer noutwendig datt mer Widerstand leeschten?

Wéi de Gauleiter op Fouersonndeg, den 30. August 1942 um Lampertsbiërg an der Stad proklaméiert huet datt d'Lëtzebuurger Jongen vun de Joergäng 1920 - 1924 géiwen an d'Wehrmacht agezu ginn, war dat fir di allermeeschte Lëtzebuurger total inakzeptabel. .

Vlächcht kann ee soen, datt deem 30. August 1942, en *tipping point* waren well spéitstens dunn hu vill Lëtzebuurger, déi bis dunn éischer d'Fauscht an der Täsche gemaach hat, verstan wat d'Auer geschloen hat.

An der Geschichtschreiwung vum 2. Weltkrich gëtt heiansdo den terme *mythe résistanciel* gebraucht, wat wëll soen, datt et eng Illusioun ass, datt e ganz Land, vun Ufank un a geschlossen, sech géint d'Nazie gestallt hätt. Dëse *mythe résistanciel* gëtt eigentlech an alle Länner ëmmer nees gebraucht, besonnesch wann e Krich eriwwe ass a probéiert gëtt en *Neistart* ze woen. Dësen Ausdrock gëtt awer oft falsch verstan: d'Resistenz war an ass

kee Mythos. Och wann di lescht lieweg Témoinsën lues a lues verschwannen gëtt et Dausenden vun Erliewnisberichter, déi d'Realitéit vum Krich un hirem eegene Leiw erfuer hunn. Di sëllechen authentesch Beriichter mussen dofir och an nei projets de recherche an och an d'Neigestaltung vum *Musée national de la Résistance* afléissen.

Mir, déi mer nom Krich gebuer sinn wësse vun deenen, déi de Krich erliewt hunn datt net all Mënsch Resistenzler konnt sinn well den Nazi-terror an d'Nazi-propaganda ganz oft eng fräi Wiel onméiglech gemaach hunn. A keen vun eis kann haut wësse wéi mer selwer reagéiert hätten!

Mir hunn dofir net d'Recht fir iwwer iergendee Mënsch en Urdeel ze fällen.

Ma mer hunn awer och d'Pflicht, fir eis an déiwem Respekt virun all deenen ze verneigen, déi sech trotz alle Geforen, trotz Deportatioun, Zwangsrekrutéierung, Tortur a Verschleefen a KZ a Vernichtungslager géint d'Nazie gestallt hunn. Ouni si, déi sech mam Mutt vun der Verzweiflung géint e riisege Feind opgelehnt hunn, wär Lëtzebuerg nom Krich, wi d'Kaarten op der Welt nei verdeelt gouwen, keen onoofhängege Staat bliwen. Dat ass deene ville Fraen a Männer a Jugendlechen ze verdanken!

(3) Mir hunn als *Comité pour la mémoire de la Deuxième guerre mondiale* vun eiser *Chambre des Députés*, op Initiativ vun der Regierung 2016, ënner anerem den Opdrag kritt fir Initiativen ze huelen oder ze fördern, déi de Mënschen hei am Land d'Geschicht vum 2. Krich méi no ze bréngen.

Natiirlech huet dee Comité d'Gedenkaarbecht hei am Land NET erfionnt. Eis Pappen an och ëmmer méi Fraen si während ville Joeren an d'Schoulen am ganze Land gaang fir deene jonke Leit d'Schicksal vun de Judden, vun den Zwangrekrutéierten a vun de Resistenzler ze erzielen.

Vill vun der 2. Generatioun sinn zanter 40 oder 50 Joer an där Aarbécht engagéiert, besonnesch bei Jugendlechen. Zanter 30 Joer ënnerstëtzt d'*Fondation nationale de la Résistance* Studiereese vu jongke Leit a fréier KZer a Vernichtungslager.

Eng vun den neien Initiativen vum Comité Mémoire ass d'Rucksaksbibliothéik, wou Schoulen sech ënnert der Leedung vun hirem Léierpersonal, am fundamental an am secondaire, ganz intensiv mat der Problematik 2. Weltkrich beschäftegen. Et ass eng Method, wou di Jugendlech Empathie léieren an och Lektione fir hiren sozialen Alldag : dat ass aktiv Gedenkaarbecht net *fir* di Jonk mee *mat* hinnen. An deem échange, deen do 2 oder 3 Generatiounen mat enaner hunn, läit eng immens Kraaft a mecht eis Courage!

Dir wësst och, datt de Comité Mémoire d'lescht Joer eng Brochure vu 34 Säiten erausginn huet, op lëtzebuergesch, däitsch, franséisch an englesch. De Public cible waren e ganz breede Public, mee awer och jonk Leit ab 15 Joer. Dës Brochure ass enstan a Concertatioun mat den 3 Pfeiler vum Comité, d'Victimes de la Shoah, d'Enrôlés de Force an der Resistenz. Zesumme mat engem Grupp vun Historiker, déi et färdeg bruecht hunn d'Ursaache vum 2. Krich, d'Situatioun vun Lëtzebuerg am an nom Krich an enger exakter Sprooch ze beschreiwen, déi allgemeinverständlech ass.

Natiirlech kommen ëmmer nees nei Froen ob, ënner anerem och déi wat d'Leit zu Lëtzebuerg - Lëtzebuurger an di vill Natiounen déi mat eis hei wunnen - wat d'Leit eigentlech iwwer den 2. Krich wëssen. Dofir huet de Comité Mémoire e Sondage an d'Wee geleet deen op eng professionnell a wëssenschaftlech Aart a Weis probéiert dat ze hannerfroen.

Wonnert lech also nët wann Der iwwer Telefon oder e-mail eng Invitatioun kritt fir bei deem Sondage, deen de Comité Mémoire an Opdrag ginn huet, matzemaachen.

(4) Komme mer zréck op den Ufank : och wann d'Probleemer an der Welt nët méi kleng gi sinn, och wann d'Weltpolitik munech Situatiounen ënnerschat huet, gëtt et Hoffnung. Erënnere mer eis un di formidabel Solidaritéit, tëschent Jonk an Al am 1. Joër vun der crise sanitaire! Mir hu geléiert, Probleemer mam Numm ze nennen an no Léisungen ze sichen.

Et gëtt also schons Ursaachen fir virsiichteg optimistesesch ze sinn: z.B. seet de Weltklimarot eis, datt wa mer all Hiewel a Bewegung setzen, datt dës Welt ka gerett ginn.

Et ass wichteg fir eis, datt mer aus deem léieren wat eis Leit, déi am Krich waren eis ze soen hunn. Dofir halen ech op mat engem Message un di jonk Leit vu Lëtzebuerg, déi de Bob Sheppard, de fréiere Präsident vum *Comité International de Mauthausen*, viru 50 Joer u si adresséiert huet:

« Sachez que vos pères ne cherchent pas à tirer de ce devoir qu'ils ont accompli de grand coeur, ni vaine gloire, ni triomphe, ni honneur. Sachez que la souffrance leur a tout simplement, mieux qu'à beaucoup d'autres, ouvert un peu plus les yeux sur les défauts et les qualités des hommes et si parfois leur regard vous semble lointain, c'est qu'ils revoient des choses qu'ils ne veulent pas que vous voyiez, jamais, ni vous, ni les vôtres, ni ceux qui vous succéderont, ni les peuples qui vous entourent.

Sachez que la souffrance a engendré la compréhension, que la haine a engendré la bonté. Ils veulent tout modestement être un témoignage de ce qu'il ne faut plus connaître dans un monde qui peut être si beau.

Songez-y, jeunes du Luxembourg.

Songez aussi que l'importance d'un pays et sa valeur ne se mesurent pas au mètre carré de surface au sol, à la densité de telle ou telle population, à la puissance de telle industrie, surtout pas à la gloire de tel ou tel homme, mais à la tenue de tous ses enfants dans l'adversité.»